

Congé extraordinaire

Mat Ausnam vun der Gebuert oder Adoptioun vun engem Kand ënner 16¹, muss de Congé extraordinaire da geholl ginn, wann ee vun de Fäll, déi engem d'Recht dorobber ginn (Doud vun engem Familljemember, Plënnere, Hochzäit, PACS) antrëtt. Wann awer z.B. ee Familljemember op engem Sonnden oder Feiertag stierft, sou gëtt de Congé op den nächste Schaffdag reportéiert.

Bestiednis	3 Deeg
PACS	1 Dag
Gebuert oder Adoptioun vun engem Kand <16	10 Deeg
Bestiednis vum Kand	1 Dag
Doud vun engem Familljemember vum 1. Grad*	3 Deeg
Doud vun engem Kand <18	5 Deeg
Doud vun engem Familljemember vum 2. Grad**	1 Dag
Plënnere (just 1x während enger Period vun 3 Joer)	2 Deeg

* Familljemembere vum 1. Grad: Partner (Mariage/PACS), Elteren, Kanner, Stéifelteren, Edem, Schnauer

** Familljemembere vum 2. Grad vum Fonctionnaire/Employé.e oder sengem Ehe- oder PACS-Partner: Grousselteren, Enkelkanner, Geschwëster, Stéifgeschwëster.

¹ Muss bannent den éischten 2 Méint no der Gebuert/Adoptioun geholl ginn. Ka mam Accord vun der Direktioun och fraktionéiert geholl ginn.

Congé social

De Congé social kann een z.B. huelen, fir ee Familljemember vum 1. oder 2. Grad an d'Klinik ze begleeden. Fir dovunner kënnen ze profitéieren, brauch déi begleedend Persoun an all Fall ee Certificat médical, deen d'Presenz vun der begleedender Persoun an hire Lien mat der ze behandelnder Persoun rechtfertegt. De Certificat muss och d'Dauer vun der Begleedung an de medezinesche Grond vun der Begleedung erwänen a muss bei der Lycées- oder Regionaldirektioun agereecht ginn.

All Fonctionnaire oder Employé.e huet d'Recht op 24 Stonne Congé social pro Period vun 3 Méint. Dës Zäitperiode gi vu Januar bis Mäerz, Abrëll bis Juni, Juli bis September an Oktober bis Dezember.

Congé d'accompagnement

De Congé d'accompagnement kann een huelen, fir ee Familljemember vum 1. oder 2. Grad an der Endphase vun enger schwéierer Krankheet ze begleeden. Pro Familljemember, deen an dësem Fall ass, huet de Fonctionnaire/Employé.e Recht op 5 Deeg Congé d'accompagnement pro Fall a pro Joer. Dëse Congé ka fraktionéiert geholl ginn.

De betraffene Fonctionnaire/Employé.e muss ee Certificat médical bei senger Lycéesdirektioun/Regionaldirektioun erareeche. De Certificat muss di schwéier Krankheet an der Endphase vun der ze begleedender Persoun attestéieren an d'Noutwendegkeet vun der Presenz vun der begleedender Persoun rechtfäerdeg.

Congé de convenance personnelle

Dëse Congé kann an Ausnahmefäll - wéi z.B. d'Begrëfnis vun engem Familljemember oder engem enke Frënd/Frëndin - bei der Lycéesdirektioun / Regionaldirektioun ugefrot ginn.

D'Ufro fir dëse Congé muss begrënnt sinn a kann och refuséiert ginn, wann den Intérêt de Service dëst verlaangt.

D'Dauer vun dësem Congé ass op maximal 4 Stonne pro Mount festgeluecht a gëtt als Aarbechtszäit ugesinn.

Congé pour raisons familiales

Dëse Congé ka geholl ginn, wann ee Kand krank ass. De Fonctionnaire / Employé.e muss ab dem 1. Dag vu senger Absence een entsprecheende Certificat erareeche.

- 12 Deeg pro Kand tëscht 0 a <4 Joer
- 18 Deeg pro Kand tëscht 4 an <13 Joer
- 5 Deeg pro Kand tëscht 13 an 18 Joer am Fall vun der Hospitalisatioun vum Kand